ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27. September 2016

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Taiwan betreit eng Fluchzone vun 180.000 Séimeilen, wou am Joer ronn 1,53 Milliounе Fluchbewegunge stattfanne mat 58 Milliounе Passagéier. Déi zoustänneg Autoritéite vun der Insel, déi sech ëm d'Sécherheet vun der Aviatioun bekëmmeren, sinn awer net Member an de OACI (Organisation de l'aviation civile internationale), déi stänneg d'Norme fir d'Sécherheet vun der Fligerei upasst. D'OACI ass eng spezialiséiert Institutioun vun de Vereenegten Natiounen.

No der Meenung vun den Autoritéiten an Taiwan wär et wichteg, schonns eleng wéinst der Sécherheet, datt d'Autoritéiten vun Taiwan, déi sech ëm de Fluchverkéier këmmeren, Accès zur OACI kréichen.

Dowéinst wéilt ech dem Här Bausseminister dës Fro stellen:

- *Ass Lëtzebuerg bereet d'Kandidatur vun der ziviller aeronautescher Autoritéit vun Taiwan an der OACI ze ënnerstëtzen?*

Mat déiwem Respekt



Fernand Kartheiser

Deputéierten